FAQ

Ier Dir eis kontaktéiert, liest w.e.g. dës FAQ.

Kënnt Dir e FB / Twitter / Tinder / Instagram / WhatsApp / etc ... Kont hacken?

Nee. Mir maachen keng illegal Saachen.

Ech hunn e Virus / Trojaner / Cryptolocker / etc ... op mengem PC. Kënnt Dir et flécken?

Nee. Mir si kee Reparaturdéngscht.

Ech hunn en ale PC, wëlls dier deen?

Nee, ausser vläicht wann et wierklech Vintage Hardware ass, dh Commodore 64 et al.

Ech hunn Daten verluer. Kënnt Dir et erëmkréien?

Nee, wéi scho gesot, mir sinn net e Reparaturdéngscht.

Ech wëll e Service / Produit starten. Kënnt Dir et hacken fir d'Sécherheet ze testen?

Nee.

Ech wëll Bitcoin / Ether / Monero / <Füg äre Cryptocoin hei an>. Verkaaft Dir?

Nee. Mir sinn och net de Büro vun der Blockchain. Wann Dir Bitcoin wëllt kafen, well een Iech eng E-Mail geschriwwen huet iwwert Videoen vun iech, wärend dier verschiedene *erwuessene* Videoen gekuckt hutt. Schéckt hinnen keng Bitcoins! Et ass ee Betrug.

Ech wëll de Telefon / E-Mail Kont / etc vun mengem Partner hacken ...

Nee. Mir maachen keng illegal Saachen.

Ech wëll Hacking léieren. Kënnt Dir mir et béibréngen?

Nee. Fir eis ass Hacking eng Astellung zum Liewen an net onbedéngt eng Fäegkeet. Zousätzlech dozou ginn et genuch Sécherheetsfachleit, online, déi Coursen ubidden.

Mäi Kand wëll technesch Saachen maachen. Kann hien an de Club kommen?

Hänkt of. Wann d'Kand kann Verantwortung iwwer seng Handlungen iwwerhuelen, dann vläicht. Generell huele mir keng Verantwortung wa Verletzungen optrieden.

Ech mengen ech si gehackt ginn. Kënnt Dir d'Hacker zréck hacken?

Nee, awer mir kënnen Iech Empfehlungen ginn wéi Dir Är Apparater ofsécheren kënnt.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:about:faq

Last update: **2021/07/19 20:22**